# Charta vum Black and Yellow Block

**Artikel 1**

Fussball ass eise Lieblingssport an e gehéiert eis alleguer. All Mënsch huet dat onageschränkte Recht fir bei dësem Sport ze participéieren, ouni Diskriminatiounen oder Aggressioune mussen ze erliewen an dat onofhängeg vu senger Origine, senger Nationalitéit, senger Religioun, sengem Geschlecht, senger sexueller Orientéierung oder sengem Handicap – sief et elo ee Spiller, ee Supporter, een Zuschauer, een Trainer, een Arbitter oder een Dirigeant vun engem Club.
De Member vum Black and Yellow Block (BYB) engagéiert sech dës fontamental Iddiën ze respektéieren.

**Article 2**

De Member vum BYB ass en Ambassadeur vu senger Stad a sengem Club, dem F.C. Progrès Nidderkuer, a verteidegt d'Werter vum Fussball duerch d'Beispillhaftegkeet vu sengem Verhalen.
Heen encouragéiert seng Equipe mat all de Mëttelen déi him duerch den BYB oder de Club zur Verfügung gestallt ginn a verzicht op den Asaz vu jeglecher Pyrotechnik (Bengalescht Feier, Knupperten,…) an dëst am respektvollen Ëmgang mat deenen aneren Zuschauer op dem Stadion, d'Supporteren an d'Equipe vum Géigner abegraff.

**Article 3**

De Member vum BYB mécht aus all Match een extra Moment an ee gesellegt Fest ouni d'Kontroll iwwert sech ze verléieren.
Heen ass bescheiden an der Victoire a respektabel an der Nidderlag.
De Member vum BYB akzeptéiert a respektéiert d'Decisioune vum Arbitter.

**Article 4**

De Member vum BYB refuséiert all Aktioun déi sengem Club, deem anere Club, der Sécherheet oder der ëffentlecher Ordnung schuede kéint.
Hee refuséiert all Form vu kierperlecher oder verbaler Gewalt an all Form vun Degradatioun virum, während an nom Match.